*À l'occasion du championnat de natation de la fédération nationale des sapeurs-pompiers, qui a eu lieu le 13 mars au lycée du Nord à Wiltz, les membres suivants de la section des jeunes des sapeurs-pompiers des communes de Contern et de Waldbredimus ont pris le départ: Guillaume Caré, Timo Coutelier, Charel Defrang, Eric Felten, Noah Kodar, Jana Schiltz, Lisa Sharapova, Élodie et Jérémy Villar-Vargas, ainsi qu'Emmanuelle Reicher, monitrice.*





Um Mutforter Haff

# Generalversammlung vun de Senioren aus dem Kiischtendall



D'Madame Agnes Moes ass fir hir 80 Joër geéiert ginn

D'Generalversammlung fir d'Joer 2015 ass Donneschdes, de 17. Mäerz 2015 Mutferter Haff zu Mutfert ofgehal ginn.

Et war eng gutt besichte Versammlung. D'Presidentin Astrid Federspiel konnt 32 aktiv Memberen begréissen, ënnert hinnen de Buergermeeschter Louis Oberhag an d'Schäffen Thomas Wolter a Martin Bohler, an d'Mariette Colletin-Lippert vum Gemengerot. Ëntschëllegt waren d'Membere vum Gemengerot: Fabio Secci, Gaston Knepper a Jean-Claude Ruppert.

De Sekretär Martin Bohler huet en Iwwerbléck vun den Aktivitéiten 2015 gemaach.

De Veräin huet 104 Memberen, dovun 34 aktiv Memberen déi regelméisseg un den Aktivitéiten vum Veräin deelhuelen. De Comité huet sech a 7 Sëtzungen getraff. Desweideren waren 11 "Porte Ouverten". De 16. Juni war en Ausflug zesumme mat de Senioren vu Weiler an den "Ofenmuseum" ob Hüttingen an den 20. August en Ausflug mat der "Princesse Marie-Astrid" op der Musel. Geéiert goufe fir hier 80 Joër d'Agnes Moes an de Robert Mousel a fir hier Gëllen Hochzäit d'Maisy an de Jos. Ruppert-Entringer.

De Programm 2016, gesäit niewent de "Porte Ouverten" déi all Mount sinn, och nach eng Visite vun der Réimervilla
zu Perl/Borg, den 21. Juni, en Ausflug mat der "Princesse Marie-Astrid" op Saarburg, den 22. September an eng Visite vun der "Chocolaterie Bissen", de 4. Oktober vir.

Fir de Programm 2016 ginn et nach verschidde Propositioune vum Comité fir nach den een oder aneren Ausflug an de Programm matanzebauen, z.B. eng Visite vum Police- oder Postmuseeum.

De Comité huet och nach en Opruff un d'Membere gemaach fir sech un de Reesen vum "Club Senior Syrdall" ze bedeelegen.

De Keesebericht vum Astrid Federspiel ass am Detail ënnert d'Lupp geholl ginn an am Numm vun de Keesserevisoren huet de Georges Birkel eng ausgezeechent Keeseféierung bestätegt an d'Entlaaschtung vun der Generalversammlung gefrot.

Austriedend am Comité waren d'Astrid Federspiel an de Norbert Freymann, deen seng Demissioun agereecht huet. D'Astrid Federspiel ass vun der Generalversammlung fir e weidert Mandat bestätegt ginn.



Och d'Keeserevisoren Norbert Moes, Georges Birkel an Annette Bohler-Mousel si fir déi nächst Period bestätigt ginn. Op d'Propositioun vum Comité bleift de Beitrag fir d'Memberskaarten onverännert bei minimum 10 Euro.

De Buergermeeschter, Louis Oberhag, huet am Numm vun der Gemeng Merci gesot fir d'Aarbecht, déi de Veräin am Laf vum Joër geleescht huet, a besonnesch déi regelméisseg Aktivitéiten ervirgestrach, an och weiderhin déi voll Ënnerstëtzung vun der Gemeng zougesot.

No der Generalversammlung konnten d'Membere vun de Senioren sech bei enger Visite iwwer d'Installatiounen an d'Aarbecht mat de Jugendlechen um Mutferter Haff e Bild maachen.




2016
**16|04**

# Grouss Botz an der Gemeng

# 10 Joër «Senioren aus dem Kiischtendall»



v.l.n.r. Astrid Federspiel (Presidentin), Louis Oberhag (Buergermeeschter), Martin Bohler (Sekretär)



v.l.n.r. Suzette Moes-Thein, Astrid Federspiel, Martin Bohler



v.l.n.r. Suzette Moes-Thein, Louis Oberhag, Astrid Federspiel, Gerry Grosser




Den 21. Abrëll 2016 hunn d'Senioren aus dem Kiischtendall hir 10 Joër am Veräinsbau Jos. Rennel zu Waldbriedemes gefeiert. D'Presidentin Astrid Federspiel-Zimmer konnt niéwent ganz ville Memberen och eng Rei Éieregäscht begréissen, ënner hinnen de Buergermeeschter Louis Oberhag, d'Schäffen Thomas Wolter a Martin Bohler, d'Madame Mariette Colletin-Lippert vum Gemengerot, den Här Gerry Grasser, Verantwortleche vum „Club Senior Syrdall" a Vertrieder vun de Senioren vu Weiler.

D'Presidentin ass am Detail op Grënnungsgeschicht vun de Senioren aus dem Kiischtendall agang déi de 6. März 2006 aus der deemoleger Amiperas-Sektioun entstane sinn. Och huet si un déi fréier Presidenten Jos. Rennel, Jos. Gevelinger a René Weniger erënnert.

De Gerry Grasser huet op d'Aufgab vum „Club Senior Syrdall" higewisen, an op déi vill Aktivitéiten déi am Kader vum Club ugebuede ginn.

De Buergermeeschter Louis Oberhag huet op d'Roll vun de Senioren an eiser Gesellschaft opmierksam gemaach. De Senioren hu mir vill ze verdanken, well ouni si hätte mir net de Wuelstand vun haut a si verdéngen eng respektvoll Plaz an eiser Gesellschaft. Och d'Jugend vun haut ka nach vill vun de Senioren léieren, sou de Buergermeschter a sénger Ried.

Uschléissend sinn nach déi zwee Grënnungsmemberen Susette Moes-Thein  an Astrid Federspiel-Zimmer, déi vun 1983 respektiv 1985 un bei de Senioren täteg sinn vum Sekretär Martin Bohler geéiert ginn.

No dem vun der Gemeng offréierten Eirewäin, huet de Veräin op de Buffet agelueden.

Fir eng flott Ambiance huet de „Nëckel" mat sengem Accordeon gesuergt.









# Verlugene Pak

Duercherneen beim Gabi an Heng! An dat Ganzt, well dem Gabi seng räich Tatta aus Amerika sech ugemellt huet! Dat ass jo nët schlëmm mee wat dobäi awer alles ka schief goen, virun allem wann een et mat der Wourecht nët esou genau hëllt, dat hunn d'Theaterowender vum Cercle Culturel et d'Initiative vun der Gemeng Waldbriedemes verroden.

Gespillt gouf „Verlugene Pak“, e Koméidistéck a 4 Akten vum Walter G. Pfaus an iwwersat vum Guy Geimer, den 18. , 19. an 20. Mäerz 2016 am Veräinsbau Jos Rennel zu Waldbriedemes.

Eng wonnerbar Ambiance, duerch déi vill Leit déi während deenen dräi Owender kucke komm sinn, huet zum vollen Erfolleg vun dëser Manifestatioun bäigedroen.

2016
**19|03**

# Relais pour la Vie

D'Commission d'integration, d'Commission de la famille et du 3e Age an d'Elterevereenegung hunn och dëst Joer erëm um Relais pour la Vie deelgeholl.

Eis Equipe war super engagéiert, woufir ech hinnen alleguer heimat Merci soen.

***Dammen:*** *Marcelle Mangen, Milly Thurmes, Brigitte Fournel, Marina Wolter, Deike Wolter, Natacha Kent, Malou Weber, Helmy Mathias, Agnes Heynes, Silvia Bento, Justine Fisch, Yasmine Zimmer, Maggy Lommel, Delphine Kirsch* ***Hären:*** *Alain Colletin, Luc Cordewener, Berto Reijnders, Jean Thurmes, John Kent, Louis Oberhag*

Samschdes Owens um 18.30 war déi offiziell Ouverture. Um Defilé ware mir duerch d'Mariette Colletin-Lippert, d'Brigitte Fournel, den Alain Colletin an de Stefan Heynes vertrueden. Et waren 375 Equippen do mat 10.875 Leit.

Viraussetzung fir iwwerhaapt matzemaachen war , dass mir an der Trophée de l'Espoir matgemaach hunn. Dat heescht, mir hunn e russeschen Owend organiséiert, wou mir zu 11 Leit 215 Euro era kritt hunn. E grousse Merci un iech, ouni iech hätte mir net kënnen matmaachen. Och dat muss emol gesot ginn. Mir alleguer hoffen, dass mir d'nächst Joer méi Sue kënne spenden. Merci a bis, hoffentlech, d'nächst Joer.



2016
**25|03**

# Bakconcours

An Zesummenaarbecht mat der Kach-Firma «Aeresto», huet d'Maison Relais elo déi 2. Kéier e Bakconcours fir d'Kanner aus der Maison Relais organiséiert. D'Kand sollt matt Hëllef vu Mamm/Papp an 1 ½ Stonn Muffins baken. Mir haten och eng Jury organiséiert, déi d'Muffins bewäert huet no Presentatioun, Goût, d'Iddi asw.

Et war e flotten Owend, d'Kanner hu sech gutt dru ginn fir lecker Muffins ze zauberen.

Op dëser Plaz hei nach eng Kéier, Gratulatioun fir eis Gewënner :

1. **Plaz :** Ribeiro Yan
2. **Plaz :** Pierini Massimo & Matteo
3. **Plaz :** Troes Billy
4. **Plaz :** Kent Shenna, Klein Oscar & Eléa, Mackanzie Hannah, Monti Kiana, Oliveira Luana & Lucas, Ribeiro Noé




# Abschied André Entringer a Mike Scholtes

Den 19. Mee 2016 hat de Schëffen a Gemengerot den André Entringer an seng Madame Svetlana Kudryavtseva, de Mike Scholtes a seng Partnerin Anne Dirkse mat hieren Arbechtskollegen an de Restaurant „La Rameaudière" ob d'Ellenger Gare invitéiert.

Den André Entringer huet den 1. Januar 1988 am „Service Technique" ugefangen, an ass den 31. Dezember 2015 a séng wuelverdingte Pensioun gaang.

De Mike Scholtes ass als jonken Techniker den 1. Januar 2010 agestallt gin, wou hien eng hëlle Woull vun Aufgaben huet missen iwwerhuelen. Hien huet eis Gemeng den 31. Abrëll 2016 definitiv verlooss.

Et war dem Buergermeeschter Louis Oberhag viirbehaalen ob d'Verdëngschter vun den zwee Matarbechter an ze goën, an hinnen e „Chèque cadeau" ze iwwerrechen, an den Dammen e Blummenarangement.


Luc Cordevener an André Entringer


Mike Scholtes an Anne Dirkse


v.l.n.r. Louis Obehag, Thomas Wolter,
Suzette Entringer-Kudryavtsev, André Entringer

# Generalversammlung vum CEP



D'Presidentin Françoise Reuter huet den Här Buergermeeschter an di vill Memberen vum Club häerzlech begréisst. Si huet dem ganze Club merci gesot fir dat generéist Engagement iwwert d'ganzt Joer; si hofft, datt dat och esou weidergeet a wënscht allen eng flott Reitsaison.

D'Sekretärin Jessica Clees mecht den Aktivitéits-rapport vun 2015:

De Club hat 4 Turnéier organiséiert: 2 Dressurturnéier an 2 Sprangturnéier. Beim Summersprangturnéier sinn 1232 Nennungen era komm, wat de Succès vun deem Turnéier ënnerstäicht.

20 Joer Club Equestre Pegasus ass gefeiert ginn an d'Fu-sioun mam EL ass an der Virbereedung.

D'Jackie Hansen deelt mat, datt Kees och an der Rei ass, wat vun de Keesserevisoren , den Hären Schuh a Frank bestätegt gëtt.

Nei an de Comité kommen d'Tessy Schiff-Hermann an Christelle Flener.

Zum Schluss huet de Buergermeeschter Louis Oberhag, allen merci gesot fir hiert Engagement iwwert d'ganz Joer an hie mengt, bei enger éierlecher Gestioun vum Club wier de Succès garantéiert.

Nom Éirewäin ass den Owend bei engem gemittlechen Iessen am Scaramouche ausgeklongen.

*Assemblée générale du CEP, le 24 avril 2016*

*La présidente, Françoise Reuter, a souhaité la bienvenue au bourgmestre et à tous les membres du club. Elle a exprimé ses vifs remerciements pour l'engagement généreux de tous au cours de l'année passée. Elle espère, que cet engagement se prolongera dans la saison à venir et elle souhaite à tous une belle saison, couronnée de succès. Jessica Clees fait la rétrospective des activités du club pour 2015:*

*Le club a organisé 4 tournois: 2 tournois de dressage et 2 tournois de sauts d'obstacles; à noter que pour le tournoi de sauts d'août 1232 nominations ont été faites, ce qui met en valeur cette compétition.*

*En outre, le club a fêté son 20me anniversaire et la fusion avec le club l'Etrier Luxembourgeois est en préparation.*

*Jackie Hansen présente une année budgétaire satisfai-sante, ce qui confirment les reviseurs de caisse, Schuh Alex et Frank Robert, qui acceptent volontiers de s'en-gager pour l'année prochaine.*

*Deux membres, Tessy Schiff-Hermann et Christelle Flener, s'engagent pour devenir membres du comité.*

*Le bourgmestre Louis Oberhag a remercié tous pour leur engagement durant toute l'année et il assure, qu'une gestion honnête du club serait la garantie pour le succès.*

*Après le vin d'honneur, la soirée se terminait avec un dîner en bonne entente.*

# Klibberen am Kiischtendall


*Sophie Hopp, Tammy Hopp, Lily Weis*

D'Sophie an d'Tammy Hopp an d'Lily Weis waren zu Trënteng an Ierseng klibberen. D'Suen, déi si dobäi opgehuewen hunn, hu si net fir sech gehalen, mee un «Aide à Mission to the Nations» gespent. Dovun ass e Waasserkillgerät fir eng Schoul zu Kakinada an Indien kaf ginn.

## Mission to the Nations



Die ASBL „Aide à Mission to the Nations" wurde nach einem Hilferuf vom Gründer von „Mission to the Nations" von Herrn Yeluchuri Paparao, ins Leben gerufen.

MTN ist eine indische Hilfsorganisation, die in der Region um die Stadt Kakinada tätig ist. Da der Großteil der Bevölkerung in dieser Gegend von der Landwirtschaft lebt und der Boden hier nicht viel hergibt, ist bittere Armut weit verbreitet.

Außer zwei Waisenhäusern unterhält MTN mehrere Schulen und mobile Kliniken, kümmert sich um Leprakranke und um Straßenkinder, bringt sauberes Trinkwasser in die Slums und veranstaltet Fortbildungen für Frauen aus den armen Vierteln.



# Fréijorsturnéier zu Waldbriedemes

1. Dressurturnéier op  Ouschterméindeg, den 28. Mäerz 2016

Wéi  ëmmer hat den CEP fir Ouschteméindeg säin traditionellt Dressurturnéier organiséiert. Obschonn d'Wieder net gutt war, waren dach vill Reider do, zur Zefriddenheet vum CEP an dem EL. Insgesamt waren 84 Reider mat Päerd um Start.

Di schwieregst Prüfung war eng Dressur L op Trens (27 Starter) an ass gewonne ginn vum Celia Giorgetti mat enger Wäertnout vun 7.5

CEP Reider:

- Viviane Bintner (3)
- Tessy Schiff (17)
- Kim Schuh (25)

**Klass A** (42 Starter) ass gewonne ginn vum Liv Schmit mat enger Wäertnout vun 8.0. Tessy Schiff vum CEP hat di 11. Plaz.

De **Reiderwettbewerb mat Schrëtt-Trab** ass gewonne ginn vum Chana Seyler vum CEP an d'Maïté Zanotti vum CEP hat di 5. Plaz

De **Reiderwettbewerb mat Schrëtt-Trab-Galopp** ass gewonne ginn vum Jil Braun CEP an d'Chana Seyler vum CEP hat di 4. Plaz.




*1. Tournoi de dressage du Lundi de Pâques 20016*

*Le tournoi du lundi de Pâques est devenu tradition pour les cavaliers de dressage. En dépit du mauvais temps beaucoup de cavaliers se sont présentés aux épreuves, pleinement à la satisfaction des organisateurs. En tout, 84 cavaliers avec chevaux étaient au départ. L'épreuve-phare était du niveau L sur bridon ( 27 participants ) et fut gagnée par Celia Giogetti avec une note de 7,5*





2. Sprangturnéier, den 2. an 3. Abrëll 2016

Och wann d'Wieder rëm schlecht war, ass dach an der Reithal exzellente Reitsport gewise ginn. Waldbriedemes ass een Turnéier, dat ëmmer ërëm vill Reider aus dem Ausland unzitt.

Prüfungen vun A*, A** bis L an M* sinn ugebuede ginn, Diane Kettmann huet den M* gewonnen

***2. Tournoi de sauts d'obstacles, le 2 et 3 avril 2016***

*Malgré la pluie persistante, un excellent tournoi de sauts d'obstacles a été offert dans le manège. Waldbredimus garde son attrait notoire aussi chez les cavaliers étrangers.*

*Les épreuves offertes allaient de A*, A** à L et M*,épreuve, qui fut gagnée par Diane Kettmann.*

1. Stilspringwettbewerb

2. Springprüfung mit Idealzeit A*
   - 1. Berling Stefan
   - 4. Isabelle Rennel
   - 6. Wagner Lizi
   - 10. Billie Arend
   - 11. Heimes Marc

3. Springprüfung A**
   - 1. Billie Arend
   - 1. Stefan Berling
   - 2. Marc Heimes
   - 3. Frank Schiff
   - 6. Meyers Fabrice
   - 11. Corinne Spiroux

4. Springprüfung L
   - 1. Toini Glesener
   - 1. Billie Arend
   - 2. Frank Schiff
   - 2. Fabrice Meyers
   - 6. Stefan Berling
   - 9. Fabrice Meyers
   - 11. Laura Kinzinger

5. Springprüfung M mit Siegerrunde
   - 1. Diane Kettmann



# Generalversammlung vum Cercle Culturel et d'Initiative

De Cercle Culturel et d'Initiative de la Commune de Waldbredimus huet sonndes, den 10. Abrëll 2016, seng Generalversammlung am Veräinsbau Jos Rennel zu Waldbriedemes ofgehalen. D'Begréissung ass duerch de Präsident Christian Greisch gemaach gin. No deene verschiddene Berichter vum Sekretär a vum Keessier, déi all gutt geheescht goufen, gass de weidere Programm 2016-2017 virgestallt an ugeholl ginn. Do ass besonnesch eng Manifestatioun virgesinn fir déi 40 Joër Cercle Culturel et d'Initiative vun der Gemeng Waldbriedemes ze feieren.

De Comité besteet aktuell aus 8 Leit.

Eier de Präsident d'Schlusswuert geschwat huet, huet de Buergermeeschter, Louis OBERHAG, dem Veräin Merci gesot fir déi wäertvoll Aarbecht, déi de Cercle Culturel scho säit 40 Joër an der Gemeng mécht an huet alles Gutts fir d'Zukunft gewënscht an d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng zougesot.

Zum Ofschluoss ass et mëttes nach e gudde Maufel z'iessen ginn.

# D'Tréntenger Musek huet Fuesknièt gebak




E Samschdeg, den 23. Januar 2016 huet d'Tréntenger Musek scho fir déi 8. Kéier Fuesknièt zu Waldbriedemes am Centre Culturel Jos Rennel gebak. Scho Moies fréi hu sech d'Musikante getraff an um 6 Auer ass et och scho lass gaange mat knieden an baaken.

D'Kniet sinn an de Gemengen Bous a Waldbriedemes verkaf an ausgeliwwert ginn. D 'Leit konnten hir Kniet awer och selwer siche kommen an nach bei enger Taass Kaffi der Hirstellung vun de Fuesknièt nokucken.

2016
25|01

# Epicerie Sozial zu Réimech



Ein neuer Sozialladen steht jetzt auch betroffenen Bürgern der Gemeinde Waldbredimus zur Verfügung.

Mit dem neuen Sozialladen in Remich wurde die nunmehr achte „épicerie sociale" des Luxemburger Roten Kreuzes, seit Beginn dieser Initiative im Jahr 2009, kürzlich eröffnet.

Diese neue Einrichtung (6, Rue Foascht) richtet sich an Bürger der Gemeinden Bad Mondorf, Bous, Dalheim, Lenningen, Remich, Schengen, Stadtbredimus und Waldbredimus, die sich in einer finanziellen Notsituation befinden. Geleitet wird der Laden von Fernanda Chagas; ihr zur Seite stehen etwa 20 freiwillige HelferInnen.

Den betroffenen Bürgern steht ein breit gefächertes Angebot an Lebensmitteln und Waren zur Verfügung, die zu einem niedrigen Preis verkauft werden. Dies ermöglicht Ersparnisse in diesem Bereich, um andere Rechnungen begleichen zu können. Doch nicht nur das Warenangebot soll die betroffenen Bürger anziehen: Die Sozialläden gelten auch als Plattform für soziale Integration. Menschen, die sich in einer ähnlichen Situation befinden, treffen sich, können sich austauschen und ihren Mitbürgern gegebenenfalls Ratschläge geben.

Wie wichtig die Einführung einer „épicerie sociale" im Raum Remich ist, zeigt sich nicht zuletzt an den Zahlen: In den Mitgliedsgemeinden sind aktuell insgesamt 468 Haushalte betroffen. 2011 waren es noch 247.

*« Epicerie Sociale » à Remich*

*Une nouvelle « Epicerie Sociale » est désormais disponible pour les citoyens concernés de la commune de Waldbredimus.*

*Depuis l'introduction du projet en 2009, il s'agit déjà de l'ouverture de la huitième «épicerie sociale» de la Croix Rouge au Luxembourg.*

*Cette nouvelle institution (6, rue Foascht) s'adresse aux citoyens des communes Mondorf-les-Bains, Bous, Dalheim, Lenningen, Remich, Schengen, Stadtbredimus et Waldbredimus, qui se trouvent dans une situation financière difficile. Le magasin est dirigé par Madame Fernanda Chagas et environ 20 bénévoles.*

*Les citoyens concernés ont le choix parmi une variété d'aliments et produits qui sont offerts à un prix avantageux.*

*Ces économies permettent de régler d'autres factures. Par ailleurs, l'épicerie n'est pas seulement un magasin mais aussi une plateforme d'intégration sociale. Les citoyens dans des situations défavorables similaires peuvent se rencontrer, s'échanger et se conseiller.*

*L'importance d'une «épicerie sociale» à Remich apparaît clairement dans les statistiques: dans les communes membres, 468 ménages sont concernés. En 2011, le nombre en était encore à 247.*



Mam Cercle Culturel et d'Initiative um 1. Mee...

... och d'Trëntenger Musek war aktiv





*Seit Oktober 2015 steht die Trintinger Kirche unter Denkmalschutz*

*Fotos & Text © S. Hopp*


Steve Hopp

# Die Trintinger Kirche


Als Ende des 18. Jahrhunderts die alte Kirche auf dem Klausberg allmählich zu klein wurde, begann man sich im Trintingertal Gedanken zu machen, eine neue, größere zu bauen. Doch es dauerte noch bis in die Hälfte des 19. Jahrhunderts, bevor Nägel mit Köpfen gemach wurden.

Trintingen wurde bereits 1809 zu einer eigenständigen Pfarrei. Doch da die Kirche über kein Pfarrhaus verfügte, wollte kein Geistlicher die Pfarrei übernehmen und so wurde diese 1827 wieder abgeschafft. In den späten 1830iger Jahren, wurde ein Pfarrhaus in Trintingen errichtet und somit erhielt Trintingen 1853 wieder den Status einer Pfarrei. Von 1854 bis 1857 wurde die heutige Kirche erbaut. Die Vorbereitungen zum Bau dauerten bereits seit Jahren an. Schon 1846 schenkten die Familien Bour, Goedert und Ruppert der Gemeinde Ländereien, um auf diesem Gelände später die geplante Kirche zu errichten. Die Finanzierung des Baus stellte eine erhebliche Herausforderung dar. Weder die Gemeinde noch ihre Einwohner waren reich. Der Kostenvoranschlag des Unternehmers Wolf betrug 16.292,40 Franken. Zwischen der Gemeinde und der Oberbehörde gingen während zwei Jahren unzählige Briefe, Deliberationen, Gutachten und Rückfragen hin und her, bis endlich die Finanzierung geregelt war. Es bedurfte schlussendlich einer Petition, die am 4. Februar 1853 von 49 Familienvorständen unterschrieben wurde, um die Genemigung des König-Großherzogs zu erhalten.

*Den hellegen Stephanus, de Patréiner vum Dall*



*1906*



*2016*



Die Gemeinde verfügte über Wälder, die gerodet werden konnten, um das Holz zu versteigern. Das Land konnte anschließend gewinnbringend verpachtet werden.

Die Steine zum Bau der Kirche stammten aus zwei gemeindeeigenen Steinbrüchen. Die Einwohner der Ortschaften Trintingen, Ersingen und Roedt brachten die Steine unentgeltlich zur Baustelle. Dort mussten sie die Steine mühselig auf die Baugerüste schaffen. Der Bau der Kirche verzögerte sich wohl mehrere Male wegen Geldknappheit. Doch endlich, am 8. November 1857, konnte das neue Gotteshaus eingesegnet werden. Man bedenke, dass die Kirche erst nicht so groß war wie heute. Der Chor entstand erst bei der Vergrößerung von 1880.

Als Architekt fungierte Charles Arendt (1825-1910). Der in Vianden geborene Charles Arendt studierte zwischen 1846 und 1849 in Brüssel und München, bevor er 1850 Architekt des Distriktes Grevenmacher und 1858 Staatsarchitekt wurde. Ab 1867 war er Mitglied der „Commission en charge de la définition de l'ouverture de la ville et de la conversion des anciens bâtiments



*D'Kräizegungsgrupp an der Kierch, stung virdrun an der Klauskapell. Den Alter ass net bekannt, mee de Stil entsprëcht der Gothik*

militaires en édifices publics". Er zeichnete die Pläne von 78 Kirchen und Kapellen im In- und Ausland (darunter die Pläne der Glaciskapelle, der Kirchen in Hollerich, Bonneweg, Clausen, Weiler-laTour, der Josefskirche in Esch) und 130 zivilen Gebäuden. Unter anderem die des Um- und Ausbaus des großherzoglichen Palastes, derjenige des Gerichtspalastes, der des Hotels Grand-Chef in Mondorf. Auch der Plan des Adlers in Dalheim stammt aus seiner Feder.

Arendts bevorzugte Architekturform war die Neogotik. Die Neo- oder Neugotik ist eine Form des Historizismus die ihre Blütezeit in den Jahren 1830 bis 1900 hatte. Sie orientierte sich an einem idealisierten Mittelalterbild. Um an die Auffassung der Freiheit und Geisteskultur mittelalterlicher Städte anzuknüpfen, errichtete man in neugotischem Stil vor allem Kirchen, Parlamente, Rathäuser, Schulen oder auch andere öffentliche Bauten. Die Neugotik beschränkte sich nicht auf das äußere Erscheinungsbild der Gebäude, sondern bezog sich auch auf die Inneneinrichtungen und Möbel der Gebäude (vor allem der Kirchen).

So ist sicherlich einer der Gründe, weshalb die Trintinger Kirche denkmalgeschützt wurde der, dass sie überaus typisch für ihre Zeit ist.

Das Mobiliar der Kirche stammte wohl anfangs noch aus der Klauskapelle. Erst im Laufe der nächsten Jahre und Jahrzehnte wurden neue, wertvolle Möbel erworben. So liegt ein Kostenvoranschlag über 2.700 Franken vom Oktober 1866 für den Hochaltar vor. Dieser wurde am 9. August 1871 von Bischof Nikolaus Adames geweiht. 1878 erwarb der Kirchenrat eine Orgel des Orgelbauers Dalstein & Haerpfer aus Boulay in Lothringen. Wer die Trintinger beraten hat, ist unklar, doch dass die Auswahl lobenswert war, geht eindeutig aus der Tatsache hervor, dass die Kathedrale zwei Jahre später ein Orgelwerk aus der gleichen Orgelmanufaktur erhielt. Die Trintinger Orgel, die Ende des 19. und Anfang des 20. Jahrhunderts mehrmals vergrößert wurde, steht seit dem Jahr 2000 unter Denkmalschutz und wurde 2007 im Sinne des



*In einem der Fenster aus dem marianischen Jahr 1954, ist die Trintinger Kirche und die Klaus abgebildet.*

Erbauers vom Orgelbauer Hugo Mayer aus Heusweiler im Saarland restauriert.


Bereits 1880 wurde die Kirche aus Platzmangel vergrößert (um den heutigen Chor). Die Kosten betrugen 8.357,60 Franken und wurden aus Privatmitteln der Dorfbewohner finanziert.

Im Turm der Kirche hängen drei Glocken. Die neue Christkönigsglocke aus dem Jahr 1961 wiegt 1.800 kg und hat einen Durchmesser von 140 cm. Sie wurde am 6. Februar 1961 in der Glockengießerei Johannes Mark im Brockscheid bei Daun gegossen. Ihr Ton ist ein do diès. Die Immakulataglocke erklingt auf den Ton mi. Sie wiegt 1.000 kg und hat einen Durchmesser von 117 cm. Die Glocke stammt aus dem Jahr 1890 und wurde von der ‚Fonderie F. & A. Caussard à Tellin, Belgique et à Colmar, France' gegossen. Die Josephs- und Donatusglocke hat den Ton fa diès, wiegt 800 kg und misst 110 cm im Durchmesser. Auch diese Glocke wurde am 6. Februar 1961 in Brockscheid hergestellt.

Im Chor, links und rechts neben dem Hauptaltar, hängen zwei große Bilder des Künstlers Marius Grenier aus Paris. Er war ein Schüler des ungarischen Malers



Michael Munkacsy und verweilte in seiner Jugend öfters im Trintingertal. Die Bilder entstanden in den Jahren 1893 und 1894. Eines zeigt Pfarrer Michel Molitor kniend vor dem heiligen Stephanus, während im Hintergrund eine Prozession zu Ehren von eben diesem Heiligen auf den Stefansberg führt. Das zweite Gemälde zeigt die neu hergerichtete Klauskapelle mit dem am Kreuz hängenden Heiland. Mit Hilfe des Kulturministeriums wurden diese Bilder im Jahr 2009 restauriert.





Der heute vorhandene und ebenfalls 2009 mit Hilfe des Kulturministeriums restaurierte Kreuzweg stammt aus dem Jahr 1884. 1898 wurde der Kommunionstisch erworben, der heute in Form des kleinen Altars weiterbesteht. Die Marmorstufen zum Hochaltar stammen aus dem Jahr 1901, diejenigen zum Chor aus dem Jahr 1898. Die neogotischen Beichtstühle wurden im Jahr 1903 erworben. Bemerkenswert ist, dass die Kirche über zwei zusätzliche Beichtstühle verfügt, die bei Bedarf aus der Holzvertäfelung geklappt werden können. Heute sind diese Beichtstühle kaum mehr wahrzunehmen und vielleicht sollten sich der Kirchenrat und die Gemeinde Gedanken darüber machen, diese wiederherzustellen.



Die Taufkapelle im Eingangsbereich der Kirche stammt aus dem Jahr 1927. Und schließlich erhielt die Kirche im Jahre 1954 neue kunstvolle Fenster vom Glasmaler Gustav Zanter (16.2.1916-27.8.2001), der seinerzeit sein Atelier in Trintingen in der alten Molkerei hatte. Gustav Zanter studierte vor dem Krieg in Mons und Lüttich. 1948 gründete er in Trintingen seine Werkstatt: „Atelier d‘Art appliqué. Vitraux-Fresques-Décorations“, die sich in der alten Molkerei befand. Er selbst wohnte in dieser Zeit in Ersingen im Haus genannt „an Zerwes“. Gustav Zanter nimmt in der luxemburgischen Kunst der Glasmalerei eine zentrale Stellung ein. Über 50 Jahre (1946-1997) war er im In-und Ausland tätig. Figurative Arbeiten mit ikonographischer Aussage nach den Wünschen der Auftraggeber finden wir unter in seinen frühen Werken. Zanter verbindet seine Werke mit der Architektur und sieht sich zu bildhaften Aussagen verpflichtet.

Die Tatsache, dass große Teile der Einrichtung der Trintinger Kirche noch vorhanden sind, ist sicherlich ein weiterer Grund, weshalb die Kirche im Trintingertal mitsamt Mobiliar und Inneneinrichtung unter Denkmalschutz steht.

Der Anstoß, den alten Friedhof rund um die Kirche als Denkmal zu schützen, kam eher zufällig. Als Alex Langhini, ehemaliger Mitarbeiter des Service des Sites et Monuments, im Jahr 2010 die Kirche in Trintingen besichtigte (um sich den restaurierten Kreuzweg und die restaurierten Bilder anzusehen), war er von der Vielfalt des Friedhofes begeistert. Tatsächlich findet man Grabsteine aus fast jedem Jahrzehnt seit der Entstehung des Friedhofes um 1857 bis zu seiner Schließung im Jahr 1991. Auf vielen Grabsteinen stehen ganze Stammbäume hiesiger Familien, auch solcher, die nach Amerika auswanderten. Auch viele unterschiedliche Totensymbole sind auf den Gräbern abgebildet.

So ist es nicht verwunderlich, dass das Schöffenkollegium, gemeinsam mit dem Kirchenrat am 28. Juli 2010 den Antrag stellte, die Kirche inklusive Mobiliar und Friedhof unter Denkmalschutz zu stellen. Am 27. Oktober 2015 erhielten wir die frohe Nachricht aus dem Kulturministerium, dass der Regierungsrat in seiner Sitzung vom 14. Oktober 2015 diesem Antrag stattgegeben hat.



*De Paschtouer Michel Molitor knéit virum hellege Stephanus*

*Quellen: 100 Jahre Kirche und Pfarrei Trintingen, M. Ruppert - Erntedankfest in Trintingen - L'Historicisme et identité visuelle d'une capitale, Robert Philippart - Nos cahiers, 1-2002 - Kulturarchiv der Gemeinde Waldbredimus - Wikipedia.de*



# An dëser Nummer


| | |
|---|---|
| Charel Faltz als Gemeindetechniker ernannt | 5 |
| Vereinssubsidien wurden genehmigt | 6 |
| Organisation der Musikschule genehmigt | 7 |
| Gemeindeweg «Huelbaach» bis auf weiteres gesperrt | 8 |
| Neujahrsfeier in Waldbredimus | 9 |
| Rentnerfeier 2016 | 10 |
| Generalversammlung bei der Amicale Pompjeeë Gemeng Waldbriedemes | 12 |
| CycloCross-Championnat | 13 |
| Generalversammlung vun der Trëntenger Musek | 14 |
| Empfang der Neubürger | 16 |
| Fuesrevue 2016 | 17 |
| Kannerfuesbal 2016 | 17 |
| Gemittleche Kéisowend | 18 |
| Kultur a Geschichtsfrënn aus dem Trëntengerdall | 19 |
| SIS-CCW : Generalversammlung a Bilan 2015 | 20 |
| Schwammmeeschterschaft vun de Pompjeeën | 21 |
| Generalversammlung Senioren aus dem Kiischtendall | 22 |
| Grouss Botz an der Gemeng | 23 |
| 10 Joër «Senioren aus dem Kiischtendall» | 24 |
| Verlugene Pak | 25 |
| Relais pour la Vie | 26 |
| Bakconcours | 26 |
| Abschied vum André Entringer an dem Mike Scholtes | 27 |
| Generalversammlung vum CEP | 28 |
| Klibberen am Kiischtendall | 29 |
| Fréijorsturnéier zu Waldbriedemes | 30 |
| Generalversammlung vum CCIW | 31 |
| D'Trëntenger Musek huet Fuesknietgebak | 32 |
| Epicerie Sozial zu Réimech | 32 |
| 1. Mee Feier | 33 |
| Die Trintinger Kirche | 35 |


# Manifestatiounskalenner

| | |
|---|---|
| 22.-24.07.16 | Dressurturnier Waldbriedemes, org. PEGASUS |
| 28.-31.07.16 | Springturnier Waldbriedemes, org. PEGASUS |
| 16.-18.09.16 | Exposition: 40 Joer Cercle Culturel et d'Initiative Waldbriedemes, Centre Cult. |
| 01.10.2016 | Feuerlöscherkontrolle, 9 -12h, Waldbredimus, org. Pompjeeën |
| 09.10.2016 | Concert an der Kierch zu Waldbriedemes, org. Eis Kierch - eis Uergel |
| 15.10.2016 | IVV-Marsch, Bous, org. Kiischtetréppler |
| 15.10.2016 | Konzert der "Chorale Muselfénkelcher" in der Trintinger Kirche. Organisator "Kultur-a Geschichtsfrënn aus dem Trëntengerdall a.s.b.l." |
| 21.10.2016 | Schüler- und Sportlerehrung, Waldbredimus |
| 06.11.2016 | Hämmelsmarsch, Trënteng |
| 13.11.2016 | Kiermesiessen zu Éiter, org. DT Éiter-Waldbriedemes |
| 19.11.2016 | Hämmelsmarsch, Waldbredimus |
| 20.11.2016 | Cäcilienfeier, Dalheim |
| 25.11.2016 | Kéisowend zu Waldbriedemes, org. DT Éiter-Waldbriedemes |
| 03.12.2016 | Kleeschenfeier, Trintange |
| 11.12.2016 | Chrëschtconcert, Trintange |
| 17.12.2016 | Chrëschtuucht, Waldbredimus |



## Eis Fotografen

| | |
|---|---|
| Liz Bohler | 691 698 512 |
| Steve Hopp | 691 355 128 |
| Vanessa Rees | 621 260 882 |
| Marc Schumacher | 621 786 271 |
| Pol Thiltges | 621 192 861 |
| Jouko Menger | |

## Informatiounskommissioun

| | |
|---|---|
| Georges Birkel | 23 67 64 19 |
| Liz Bohler | 691 698 512 |
| Martin Bohler | 691 250 300 |
| Erika Urhausen-Cramer | 23 66 14 65 |
| Marcelle Mangen-Friederich | 23 66 83 96 |
| Gilbert Godart | 23 66 03 46 |
| Steve Hopp | 691 355 128 |
| Jos Jung | 39 83 01 |
| Jouko Menger | 26 35 03 78 |
| Fabio Secci | 621 256 760 |
| Pol Thiltges | 621 192 861 |
| Leslie Wilson | 26 35 08 97 |
| Thomas Wolter (Präsident) | 621 240 689 |

Green up your Communication kiwimedia.lu